Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. August 2022

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister an d'Madamm Finanzminister weiderzeleeden.

Frankräich wëll d'Steierreduktioun um Liter Bensinn an Diesel vum 1. September u bis Enn Oktober vun 10 op 30 Cent erhéijen. Zu Lëtzebuerg soll déi entspriechend Reduktioun ëm 7,5 Cent dogéint den 1. September auslafen. Et ass also net nëmmen domat ze rechnen, datt déi vill franséisch Frontalieren da wäerten an hirem Heemechtsland tanken, mee datt wouméiglech och Lëtzebuerger Bierger an Zukunft déi Säit vun der Grenz tanke fueren, wat och negativ Auswierkungen op de Staatsbudget hätt.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Fro stellen:

1) Kann d'Regierung sech virstellen, bei der Reduktioun vun de Steieren um Bensinn op de gläiche Wee ze goen, wéi eis franséisch Noperen, fir beim Bensinnspräiss weiderhin kompetitiv ze bleiwen an den Tanktourismus als wichteg Recette net ze verléieren?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten